

Et gëtt kee Wee zeréck !

Wann d'Ausländerwalrecht géif an d'Verfassung stoe kommen, da wär dëst en definitive Schrack, dee Lëtzebuerg ni méi kéint réckgäנגeg maachen. Dëst, egal wéi d'Aktualitéit an der Welt an d'Zesummeliewen an Europa an heiheim sech entwéckelen.

D'Ännere vun der Verfassung ass keen einfache Schrack. Et sinn dofir, am Artikel 114 vun der Verfassung, strikt Prozedure festgeluecht. D'Constitution ass dat wichtegst Gesetz, dat mer hunn. Dofir kann net esou liicht, mat einfacher Majoritéit an der Chamber, dru gefréckelt ginn. Viraussetzung fir ALL Ännerung un der Verfassung ass e breede politesche Konsens an der Chamber, an zwar eng zwee Drëttel Majoritéit!

De Referendum vum 7. Juni ass KEEN Deel vun där Prozedur. D'Dräierkoalitioun DP - LSAP - Déi Gréng probéiert ze tricksen, wëll se an der Chamber wäit vun enger zwee Drëttel Majoritéit ewech ass.

Fir d'ADR ass et wichtig, datt all Lëtzebuerg e Sonndeg sech de Konsequenze vu senge Kräizer voll bewusst ass.

Wann d'Verfassung, an der Fro vum Ausländerwalrecht, géif am Sënn vum „Jo“ geännert ginn, da wär de 7. Juni déi leschte Kéier wou d'Lëtzebuerg eleng iwver hier Zukunft entscheiden. Duerno géifen net nëmme méi d'Lëtzebuerg ofstëmme, mä och déi Ausländer, déi dann d'Walrecht hunn. Dat sinn haut schonn 35.000

Wieler, dëst sinn der méi wéi et haut Wieler an der Stad Lëtzebuerg gëtt.

Bis zu deenen nächste Parlaamentswale, esou huet de Statec ausgerechent, kéinten et der awer schonns bis zu 105.000 sinn. Da wär all drëtte Wieler en Ausländer. A wann de Wuesstem zu Lëtzebuerg esou weider geet, kann een sech liicht ausrechnen, datt d'Lëtzebuerg an Zukunft net nëmme eng Minoritéit vun den Awunner, mä och nach eng Minoritéit vun de Wieler duerstellen.

An d'Zukunft géifen dann nient de Lëtzebuerg zéngtausende vun Ausländer iwwer weider Verfassungsännerunge mat ofstëmmen, och iwwer ons Staatsform (Monarchie), ons Institutionen, ons offiziell an administrativ Sproochen, ons Abannung an Europa a viles méi.

Wann et kee Schrack méi zeréck gëtt, ass all Schrack risegrouss. A nom éischte Schrack si jo schonns weider Schrëtt geplangt, bis hinn, datt d'Ausländer sech kënnen opsetzen fir an d'Chamber. Mir hunn dofir kee Recht, eis ze iren.

Léif Lëtzebuerggerinnen a Lëtzebuerg,

mam „Nee“ stemmt Dir net géint d'Ausländer, déi hei wunnen. Mam „Nee“ stemmt Dir FIR eist Recht, als eegestänneg Natioun kënnen virun ze bestoen, fir dat Recht, dat och all aner Natioun op der Welt fir sech an Usproch hält.

Keng Fisematente mam Walrecht !



... seet de Picky



Karin Justen ép.Schoos

Zännokter

aus Däitschland

„Meng Famill leeft hei am Land an ech hu mech 2004 och berufflech hei etabléiert. D'logesch Konsequenz war déi lëtzebuergesch Nationalitéit unzefroen. Well d'Nationalitéit vun engem Land ze hunn, huet fir mech mat Verantwortung ze dinn. Et iwverleet een zweemol wat ee mécht. All Décisioun déi een trëfft, betrëfft een dann och selwer, net nëmme privat, mä och politesch. Déi däitsch Nationalitéit hunn ech gläichzäiteg zeréck ginn, et kann een net zwee Hären déngen.“

www.adr.lu

facebook 
Alternativ Demokratesch Reformpartei